LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité entre
les femmes et les hommes

SYVICOL
Syndicat des Villes et
Communes Luxembourgeoises

Lëtzebuerg, de 15. Juli 2022

**Circulaire n° 4161**

# Circulaire

un d'Gemengen

**Objet :** Organisatioun vun engem „Dag vun der Porte ouverte" an Ärer Gemeng

Madamm Buergermeeschtesch,
Här Buergermeeschter,

Bei de Gemengewalen 2017 ware 35,78% vun alle Kandidatinnen a Kandidate weiblech, an et goufe 24,75% Frae gewielt. D'Participatioun vu Fraen an der lokaler Politik ass also nach wäit ewech vun enger gudder Mixitéit. Dofir gesäit den nationalen Aktiounsplang fir d'Gläichstellung tëschent Fraen a Männer vir, dass d'Mixitéit scho bei de Kandidature fir d'Gemengewale geférdert soll ginn (Mesure 5.5).

An deem Kontext lancéiert de Ministère fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer (MEGA) op en Neits, an enker Zesummenaarbecht mam SYVICOL, dëst Joer d'Campagne „Egalitéit liewen!" fir d'Gemengewalen 2023. Dës Campagne baséiert op enger partnerschaftlecher Zesummenaarbecht tëschent dem Ministère an de Gemengen a kann hiert vollt Potential nëmmen dann ausschöpfen, wa souvill Gemenge wéi méiglech matmaachen.

Fir méi Biergerinnen a Bierger fir d'Gemengepolitik ze begeeschteren, ass et en éischte wichtege Schrëtt, dass si en Abléck an de Fonctionnement vun enger Gemeng kréien a mat de politesch Responsabelen an d'Gespréich komme kënnen.

Aus deem Grond proposéiert de MEGA, zesumme mam SYVICOL, d'Konzept vun enger *Porte ouverte* vun der Gemeng, déi et erméiglecht, d'Raimlechkeeten an d'Servicer virzestellen, sou wéi och op déi divers Missioune vum Gemengen- a Schäfferot anzegoen. En Haaptobjektiv vun dëser Porte ouverte ass, d'Awunnerinnen an Awunner aus der Gemeng dofir ze begeeschteren, sech an hirer Gemeng z'engagéieren. D'Porte ouverte ass soumat e wichtege Bestanddeel vun der Campagne, wou d'Gemenge sech konkret abrénge kënnen a sou dozou bäidroen, d'Gläichstellung ze férderen.

Eng Lëscht vu méiglechen Aktiounen, un deenen d'Gemenge sech fir d'Organisatioun vu sou enger Porte ouverte inspiréiere kënnen, fannt Dir op: www.megagemengen.lu/vivons-l-egalite/elections-communales-2023/

19, rue Beaumont
L-1219 Luxembourg

B.P. 10
L-2010 Luxembourg

www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

www.megagemengen.lu |
www.megacommunes.lu

COMMUNES

Vum 1. September 2022 u steet Iech op dësem Site zousätzlech eng digital Toolbox mat Informatiounsmaterial, dat Dir an dësem Kontext benotze kënnt, zur Verfügung. Hei fannt Dir ënner anerem:

- en Teaserfilm;
- Bannere fir d'sozial Medien;
- A3-Affichen;
- en Template vun engem A5-Flyer fir ze drécken oder digital ze publizéieren;
- eng Presentatioun iwwert de Fonctionnement vun enger Gemeng (SYVICOL).

De prezisen Oflaf an déi konkret Organisatioun vun der Porte ouverte leie ganz kloer an Ärer Hand, well all Gemeng hir Awunnerinnen an Awunner am beschte kennt a weess, wéi eng Aktivitéite si hinnen ubidde kann.

D'Porte ouverte sollen an der Woch vum **10. bis de 16. Oktober 2022** op **engem oder méi Deeg** stattfannen. Dëst ass déi Woch, wou och déi national Institutiounen hir Porte ouverten organiséieren.

Fir dass d'Porte ouverte en Erfolleg gëtt an och eng national Envergure kritt, biede mir Iech, dës Initiativ z'ënnerstëtzen a matzemaachen.

Fir matzemaachen a fir all weider Froe mailt eis wannechgelift op: egaliteitliewen@mega.etat.lu

Mir soen Iech elo scho villmools Merci fir Äert Engagement a verbleiwen, Madamm Buergermeeschtesch, Här Buergermeeschter, mat gréisstem Respekt.

De President vum SYVICOL

Emile Eicher

D'Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer
an Inneministesch

Taina Bofferding